



HESPER

# Budget 2022

*Robert LEVEN*

Här Buergermeeschter, léif Memberen vum Schäffen- a Gemengerot  
Léif Noolauschterer dobaussen iwwert de Live-Stream

De Michael Mann ass eng international Referenz an der Klimawëssenschaft. Hien ass Professor op der Penn State Uni an den USA. Schons vru ville Joeren huet en d'Grafik, déi sougenannten Hockystick – Kurv, entwéckelt. Aus där ass ze gesinn wéi massiv séier d'Temperatur op der Äerd an d'Luucht geet. Vill ze séier. An d'Verännerungen si villfälteg an net zum gudden.

Op der COP26 zu Glasgow gouf et kloer gesot:

**De Mënsch ass verantwortlech fir d'Klimakris.**

D'Iwwerschwemmungen vum Juli an déi waarem Summeren an de leschte Joeren ginn e Beispill wat dat fir ons bedeit. Et gouf dacks widderréck an dofir och nach eng Kéier: Mir si matsendran an der Klimakris.

De Michael Mann brengt et op de Punkt:

***D'Obstakelen sinn net méi technologescher Natur, et geet nach just em de politesche Wëllen op allen Niveauen.***

De Budget ass Ausdrock vum politesche Wëllen. D'Emsetzung vu klimarelevanten Entscheedungen hunn zwee grouss Standbeen: Engagement iwwert d'Zäit, also iwwert méi Joeren, an an der grousser



HESPER

Zuel vun de Beréierungspunkten op d'Kapitelen am Budget. D'Méiglechkeeten beschränken sech also net eleng op eenzel Themen aus dem Budget wéi Umwelt a Mobilitéit, mee hu vill méi e breede Charakter. 6 Kapitelen mat 64 Moossnahmen aus dem Klimapakt weisen kloer drop hin. Dat sinn: Entwécklungsplanung, Kommunal Gebeier, Versuergung an Entsuergung, Mobilitéit, Intern Organisatioun, Kommunikatioun a Coopération.

Wat bedeit dat fir ons Gemeng?

D'Produktioun vun **erneierbarer Energie** mat Photovoltaik, ower net eleng, hellt steteg an de leschte Joeren zou. Och op neie Gebeier ginn se systematesch mat a Betruucht gezunn. Dobäi ass bemierkt datt ons Gemeng zanter ville Joeren nach just exklusiv Erneierbare Stroum keeft. Mee op dësem Plang gellt jo net eleng wat d'Gemeng mecht, mee och ons Biirger. Den Afloss dee mer hunn ass d'Kommunikatioun. De Klimapakt-Audit weist mat engem ausgezeechente Resultat, datt mer do déi richteg Zeeche setzen. Dat beréiert z.B. och d'Berodung duerch myenergy, déi ëmmer méi Uklang fennt.

Am Beräich vun der **Wärmeversuergung** ass d'Erausfuerderung méi grouss. An de leschte Joeren gouf schons op Holz a Solarthermie gesat. Dat get och elo um Plateau-Houwald an der Schoul emgesat. Eng Energetesch Sanéierung ass villfälteg. De Verbrauch duerch méi effizienz ze drécken an de fossilen Deel systematesch duerch erneierbarer ze ersätzen. Ass dat einfach? Sécher net. Mee



HESPER

d'Benotzen vun neien Techniken, wéi z.B. den Äisspäicher an der neier Alzenger Schoul droen hier Friichten an déi nohalteg Bauweis vun der neier Schoul an der Klouschterstrooss nom LENOZ Standard setzen Zeechen beim nohaltege Bauen. Dat si reell Dealer vun der Léisung.

D'Kontroll vum **Energieverbrauch** ass wesentlech a gett mat der Hëllef vum Programm Enercoach erfaasst. Dat ass méi mi jee wichteg. D'Analyse vum Klimapakt zum Energieverbrauch weist kloer eng Reduktioun vum CO2 aus. Mee de Paräisser accord verlangt weider grouss Ustrengungen déi iwwert d'Ziiler vum Klimabündnis, minus 10% CO2 all 5 Joer, eraus ginn. Dat get mam neie Klimapakt 2.0 gefördert, deen am Mee ennerschriwwe gouf. An och hei gëllt, et geet iwwert Joeren, steeteg, Stéck fir Stéck ouni Noozeloossen fir d'Ziiler vun der Reduktioun vum CO2 ze erreechen. D'Moossnahmen an deem Budget sinn e wichtige Bausteen an deem Kontext.

**Natur an Emweltschutz** sinn ons wichteg. Eraushiewen wëll ech den Engagement mam Naturpakt an dem neien Naturgaart Kiemert zu Izeg. Dëse Projet ass geduecht fir dem Matbierger déi biologesch Landwirtschaft méi no ze bringen an dréit och sécher dozou bäi selwer ugebaute Liewensmëttel op ze wäerten. Net vergiessen wëll ech d'Beem planzen an d'Fréijoersbotz an de Support vum SIAS mat der biologescher Statioun. D'Organisatioun vun den Drenkwaasserschutz zonen ass och iwwert de SIAS organiséiert an deem ons Gemeng vertraueden ass. Dëst ass e wichtige Bausteen fir d'Verbesserung on d'Ofsécherung vum Drenkwaasser. Zur Erënnerung: e véierel vun onsem Drenkwaasser kennt aus dem Bichel



HESPER

deen och elo **erneiert** gett. Ons Bëscher si wichteg, gi kompetent ennerhalen, versuergen ons mat Erhuelung an Holz. D'Renaturatiounen vu verschiddene Baachleef sinn souwuel wichteg wat déi biologesch Verbesserung ugeet, wéi och als Moossnahmen zur Upassung un de Klimawandel net ze ennerschätzen. Ech wëll net vergiessen dem Fierschter an dem Service Jardinage Merci ze soen fir hier wäertvoll Aarbecht op deem Gebidd.

Fir eis **Ressourcen**, déi net méi gebraucht ginn, ginn et verschidden Verwäertungs-Strukturen. Prinzipiell gëllt et d'Economie circulaire ze stäerken an deems emmer méi Ressourcen nees verwäert ginn. Dat nennt een Réckkonsum. Verbrennen – also zerstéieren- ass déi lescht Optioun, och wann d'Energie dovunner fir d'Hëtze genotzt gett. Mir verfügen iwwert de klasseschen Offall bei der SIDOR, dem Oekocenter, der Valorlux and der SDK. Am Beräich vum **Offall**, goufen d'Backen vun der Gemeng iwwerholl a gechippt. Dat erlabt et an Zukunft systematesch den Offall ze reduzéieren. Mee ouni den Oekocenter wier dat net méiglech. Well hei geet et net nemmen dremms getrennt ze recycléieren, mee och ze informéieren wéi manner Offall produzéiert gett, an och z.B. de Second-Hand ze stäerken, als Deel vun der Circular Economy. Ennert der kompetenter Leedung vum CCN geet dat konsequent weider. Mat iwwert 80.000 Visiten pro Joer ass eisen Oekocenter eng Referenz iwwert d'Grenzen eraus. Regelméisseg Visiten aus dem Ausland kommen sech dat als Best-Practice Beispill ukucken. D'Bedreiwen ass finanziell net onerheeblich, mee op alle Fall derwäert. Zesummen mat der Gemeng Weiler-la tour kenne mer houfreg sinn iwwert esou en excellenten Zenter ze verfügen. Och d'Zesummenaarbecht mat der



HESPER

Superdreckskescht get weider ausgebaut, sou dass an Zukunft all Schoulgebeier drun ugeschloss sinn.

**D'Mobilitéit**, mat all senge Facetten, betrëfft ons all. D'Erweiterung vum öffentliche Transport, och duerch den Tram um Houwald, ass ze begréissen an néideg. Mam Point d'échange ginn Tram, Zuch, Bus a Velo matenee verbonnen. Dest weist kloer wéi déi urbanistesche Planung vun der Gemeng Afloss huet.

Ech kommen drop zeréck wat ech am Ufank zitéiert hunn: *D'Obstakelen sinn net méi technologescher Natur, et geet nach just em de politesche Wëllen **op allen Niveauen**.*

Well den Autosverkéier, deen sech all Dag duerch ons Gemeng schleeft, mecht ons mierf. Et ass ze wënschen, dass de Contournement vun Alzeng op den Houwald mat der selwechter Déterminatioun wéi déi beim Tram endlech vun der Regierung **richteg** an de Grapp geholl a gebaut gëtt. Well déi héichsten, offiziell gemosse Stéckoxydwäerter hei am Land, ginn zu Hesper gemooss a maachen ons krank. De Kaméidi vum Verkéier mecht ons krank. Am Dossier dozou heescht et, de Problem un der Wuerzel ze paken, ergo de Verkéier an den Uertschaften ze reduzéieren. D'Léisunge sinn do, mee et kann net sinn datt mer emmer neess vertréischt ginn an 10 Joer müsse waarden fir déi Liewensqualitéit ze kréien déi mer zegutt hunn. Et gëtt héich Zäit datt endlech Neel mat Käpp gemeet ginn.

Net desto trotz **geet et an onser Gemeng virun**. Dozou gehéiert den Ausbau vu 5 Velospisten, d'Erweiterungen vum Vel'oh, de Support



HESPER

vun der Elektro-Mobilitéit, déi abberzuel vu Busservicer, Reklamatiounen an Ureegungen zum BUS weider ze ginn a Léisungen virzeschloen, nei Aubetten, de Pedibus fir d'Kanner an d'Schoul ze begleeden, Mossnahmen fir de groussen Traffic aus de Wunnzonen erauszehalen an d'Ersetzen vun Elektro-Autoen fir d'Gemeng. Mam Mobilitéitsdag an dem Tour du Duerf gett de lien mam Bierger fir de Bierger weider ënnerstëtzt.

Mossnahmen zur **Upassung un de Klimawandel** sinn eng Erausfuerderung fir d'Zukunft a fannen sech och am Invest vun der Kanalisatioun erem. Sief et duerch d'Verleeë vun neie Réier, wéi och duerch nei Réckhaltebecken, sougenannten „Bassin d'orage“ fir de massive Reefäll kennen gerecht ze ginn a Schued ze verhënneren.

**D'Kläranlag** kritt déi néideg finanziell Ënnerstëtzung fir d'Qualitéit héich ze halen an notzt de Gas fir Energie ze produzieren deen an d'Netz agespeist get.

Zu gudder lescht wëll ech nach Zesummeffaasend d'Engagement vun der Gemeng a verschiddene **Strukturen an Organisatiounen** ervirhiewen: Ureegungen an Engagement vun de Memberen aus de Kommissiounen fir Umwelt a Klima an der Mobilitéit, dem Klimabündnis mat der Charta vu Wels, datt nächst Joer am September déi international Konferenz mat finanzieller an logistescher Hëllef duerch ons Gemeng zu Hesper stattfënnt, am Klimapakt-Aarbechtsgrupp, mat den Erausfuerderungen vum Klimapakt 2.0 no



HESPER

vir ze kucken an nees de Gold Zertifikat ze ereechen , de Fairtrade weider ze ënnerstëtzen, dem SIAS mat der biologescher Statioun an Myenergy fir d'Beroodungen.

De Budget 2022 weist also wéi **villfälteg d'Engagement** vun onser Gemeng an all deene Beräicher ass. Ech hunn elo net all eenzelne Punkt opgezielt. Et sinn der vill.

Meng Iwwerleeungen betreffen ower net nemmen deen aktuelle Budget, mee d' Engagement an d'Erausfuerderungen fir méi Klima- an Emweltschutz iwwert Joeren eraus vun onser Gemeng an am Zesummespill vum politesche Wëllen op **alle** politeschen Niveauen.

De Buergermeeschter a Schäfferot setzt an onser Gemeng déi richteg Zeechen an huet déi voll Ënnerstëtzung vun onser Fraktioun.

Ech wëll et net mëssen menge Kollegen aus der Fraktioun fir hir Bäiträg Merci ze soen. Zu gudder Lescht wëll ech jiddferengem, deen um Budget geschafft huet e grouse Merci soen.

Robert LEVEN

Conseiller Communal